




MIR GINN AN DE BONGERT



 Cactus

WAT ASS E BONGERT ?

Faarweg Bléien am Fréijoer, eng kleng Platz am Schiet am Summer, gutt Uebst am Hierscht, an al Beem am Wanter – d'Bongerte bidden eis zu all Joereszäit eppes.


An engem Bongert sti grouss Uebstbeem mat héije Stämm. Un deene Beem wuessen Äppel, Biren, Quetschen, Kiischten, Mirabellen, Nëss, asw. D'Früichte von de Beem iesse mir, an een Deel gëtt zu Jus, Kuch, Gebeess, Kompott oder Schnaps verschafft.

Déi héich Beem gi vill Schiet, a verschéineren d'Landschaft.

An engem Bongert ass awer och eng Wiss ennert de Beem. An der Wiss wuesse Grieser a Kraider, an do liewe vill verschidden Déieren, ewéi z.B. Insekten, Spannen, Vullen, Mammendéieren, asw.

DE YUPPI KENNT SECH AUS

De Yuppi a seng Fréindin, d'Amelie, eng Bei, huelen dech op de nächste Saite mat duerch de Bongert. D'Amelie kennt sech gutt am Bongert aus, well hatt vu Bam zu Bam flitt. Dofir kann hatt dir vill Interessantes iwvert d'Uebstbeem an hir Bewunner erzielen.



Wann s du dem Yuppi an dem Amelie gutt nolauschters, an hir Froe beäntwers, da fénns du op der Säit 30 eraus, wien an de Bamhielen am Bongert wunnt!

De Bongert besteet, ähnlech wéi
de Bësch, aus verschiddene Stäck,
an deene vill Déieren a Planzen e
Liewensraum fonnt hunn.



Uebstbeem

Et gi vill verschidden Uebstzorten an engem Bongert, an et ass ganz wichteg, dës Villfalt ze weisen, ze erklären an ze erliewen.

Eis Uebstbeem gehéiere bal all zu de Rousegewächser, d.h. si si Famill mat de Rousen.

Déi wichtigst Uebstaarten aus eise Bongerte sinn:

- **d'Kärenuebst** mat engem Batz, z.B. d'Äppel, d'Biren an d'Quidden
- **d'Steenuebst** mat engem Steen, wéi z.B. d'Quetschen, d'Prommen, d'Kiischten, d'Mirabellen an d'Rengglotten
- **d'Nëss**, wéi z.B. di déck Nëss



Wisen

Ënnert den Uebstbeem sinn d'Wisen, a wann ee méi genee hikuckt, gesäit een, datt do méi Planze wuessen, wéi een et op den éischte "grénge" Bléck kéint mengen!

Am Buedem fännt een d'Wuerzele vun den Uebstbeem, déi mir an der Regel net gesinn. Et gëtt gesot, dass d'Wuerzele vun engem Bam ongefíer de selwechten Ëmfang hunn wéi d'Äscht.

Äppel

Den Äppelbam

... kënnst ursprénglech aus Asien, an ass e summergréng Bam, dee bis zu 15 Meter héich ka ginn, an eng breet Bamkroun huet. Am Fréijoer ass den Äppelbam besonnesch schéin. Hien ass da mat rosa-wäisse Bléie bedeckt, aus deenen sech an de nächste Méint gutt Äppel entwéckelen.



Den Apel

...ass ganz gesond: 100 g Äppel hunn némme 55 Kalorien, dobäi awer relativ vill Vitamin C. D'Faarf vun engem Apel seet näischt iwwert säi Geschmaach aus: et gi fein saierlech Äppel, wéi d'Alkmene, fruchtig-wierzeg Äppel, wéi den Elstar oder séiss Äppel, wéi de Jonagold. Äppel sinn eben Affaire de goût.


KÄRENUEBST

Eis Zorten:

Lëtzebuerger Renette



Schmaacht séiss, an ass gutt fir esou z'iessen. Et kann een en och huele fir Viz ze maachen, fir ze baken oder fir ze dréchenen.




Rheinischer Winterrambour



Schmaacht séiss-sauer, an ass ideal fir Viz ze maachen. Dir kënnt en och esou iessen, an Äppelschnatz draus maachen.

Lëtzebuerger Triumph



Huet e ganz gudden aromatesche Goût. Et kann een en och huele fir Viz ze maachen, fir esou z'iessen oder fir ze dréchnen.

Roter Trierer



Schmaacht e bësse méi sauer, an ass haapsächlech fir Viz ze maachen.

REZEPT

ÄPPELCHIPSEN

Fir d'Éischt ginn d'Äppel grëndlech gewäsch, an den Uewen op 200 °C virgehëtz. Mat engem Kichenhuwwel ginn d'Äppel an 2 Millimeter dënn Scheiwe geschnidden. D'Käre missten dobäi einfach erausfalen a et kann een se da ewechgeheien.

D'Scheiwe ginn op engem Bakblech mat Bakpabeier ausgeluecht, an an de virgehëtzten Uewe gestallt. D'Temperatur vum Uewe gëtt dann direkt op 120 °C erofgesat.

Während enger hallwer Stonn ginn d'Scheiwen am Uewe gedréchent, a sollen iwwerdeems 2 bis 3 Mal gedréint ginn.

Nodeems se ofgekillt sinn, kann een d'Äppelchipsen iessen.

FRO

Wat kann ee mat all den Äppel maachen, déi mir op dëser Säit virgestallt hunn ?

Schreib Deng Äntwert an d'Rei 8 vum Rätsel op der Säit 30.



KÄRENUEBST

Biren



REZEPT BIREJUGHURT MAT NËSS

Dir braucht :




350 g wäisse Jughurt

2 Biren

50 g Hieselnëss, 25 g déck Nëss, 25 g Mandelen, graff gehaakt

50 g Hunneg a gerappte schwaarze Schockela

D'Bire schielen, d'Kären eraushuelen, an a kleng Wierfele schneiden. Den Jughurt mat de Nëss, de Mandelen an dem Hunneg vermëschen, an 1 bis 2 Stonnen am Frigo zéie loessen. Eraushuelen, nach emol gutt verréieren, a kleng Schossele ginn, an de Schockela driwwer verdeelen.



De Birebam

... ass ganz enk mam Äppelbam Famill, a koum viru 4000 Joer aus Persien an Europa. Et gi ganz vill verschidden Zorten, déi am Laf vun der Zäit gezicht goufen. De Birebam bléit am Abrëll an am Mee, a seng Bléie si rosa bis donkelbrong.

D'Bir

... enthält niewent senge Vitaminnen och vill Kalium a vill Folsaier, déi fir de Wuesstem vun den Zelle wichteg ass.

1. Lëtzebuerger Mostbir

Esou wéi de Numm et scho seet, kann een dës Bir némmen huele fir Viz ze maachen.

2. Gellerts

Schmaacht séiss-sauer an ass aromatesch. Dës Bir ass ganz gutt fir esou z'iessen, fir Branntewäin ze maachen oder als gedréchent Uebst.

3. Williams Christbrine

Schmaacht séiss, an et kann ee gutt domadder baken oder gedréchent Uebst doraus maachen.



Quidden

De Quiddbam

D'Quidde kommen ursprénglich aus dem éstleche Kaukasus, a gi scho sät 4000 Joer ugebaut. Hautdesdaags ginn se nach haapsächlech an Asien an Europa ugeplantz. De Strauch oder klenge Bam ka bis zu aacht Meter héich ginn. Wéinst hirer Form, énnersheet een téschent Äppelquidden (1.) a Birequidden (2.).



D'Quidden

Déi Quidden, déi bei ons wuessen, schmaache réi vill ze batter; dofir gi se meeschtens fir d'Éischt gekacht oder ageluecht, fir datt sech d'Batterstoffer, déi dran enthalte sinn, zersetze können.



REZEPT QUIDDENGEBEESS

1. D'Quidde wäschen, de Flom erofreiwen, d'Kären eraushuelen an dann d'Quidden a Stécker schneiden. Se an engem Dëppe mat engem hallwe Liter Waasser pro 800 g Quidde lues kache loessen, an oft mat engem Läffel réieren, bis e Bräi entsteet. De Bräi da

2. An en anert Dëppe kommen op e Kilo Quiddepüree 500 g Zocker, an en bësselche Waasser. Dat Ganzt gëtt dann ouni Deckel kache gelooss, bis datt de Püree eng gutt Konsistenz an di klassesch rout-brong Faarf kritt.

3. Dat Gebeess kann een dann a Grieser aféllen, a wann et bis ofgekillt ass, kann een sech et gutt schmaache loessen.

D'Quetschen, d'Mirabellen an d'Rengglotte gehéieren all zu de Prommen.
Di ronn oder oval Friichte schmaache säfteg a séiss. Vu Juli bis Oktober
hänken di lokal Prommebeem voll mat Friichten.

Quetschen



De Quetschebam

... gëtt bis zu 6 Meter héich, a sain Holz ass wéinst senger roudelzeger Faarf immens beléift.



Duerderer

Quetschen


... ginn an Europa, Westasien, Nordamerika an Nord- a Südafrika ugebaut. Si gehéieren zu de Prommen, a gi geholl fir doraus Gebeess, Taarten, gedréchent Uebst an Dréppen ze maachen.



Karschnatzpromm



Wangenheims Frühwetschge



Opal

• Wosst de schonn, dass d'Beem Zocker produzéieren?

- Dee Prozess heescht "Fotosynthes", an dobäi produzéieren déi gréng Deeler vun de Planzen och de Sauerstoff, dee mir brauchen, fir ze liewen.



STEENUEBST



REZEPT

QUETSCHKRAUT

1 Kilo Quetschen a 400 g Zocker

1. D'Quetsche wäsch'en d'Kären eraushuefen, a Stécker schneiden, an den Zocker derbäimëschen.
2. D'Mëschung iwwert e puer Stonnen zougedeckt zéie loessen.
3. Dann d'Quetsche mam Zocker an engem Dëppen opkachen, a bei klenger Flam während 3 Stonne kachen.
4. Fir d'Quetschekraut ze lageren, hëlt een am beschte Schrauweglieser, an et léisst een et dann doranner émgedréint ofkillen.



Mirabellen

De Mirabellebam

... ass éischter e klenge Bam oder och e Strauch, a gëtt net méi wéi 3 Meter héich.

Mirabellen

... ginn och alt giel Quetsche genannt, well d'Haut vun deene ronne Früchten, wann se zeideg sinn, haapsächlech giel ass, mat klenge roude Flecken drop.

Réngglotten

De Réngglottebam

... ass e mëttelhéije Bam mat enger bree-der Kroun.

Réngglotten

... si ronn a säfteg, a léisen sech méi schwéier vun hirem Steen. Si schmaache séiss an aromatesch. Et kann een se frësch iessen oder Gebeess draus maachen.



STEENUEBST



Réngglotten

REZEPT

SCHOCKELASMUFFINNE MAT MIRABELLEN

Fir den Deeg:

- 320 g Miel
- 3 Téiläffe Bakpolver
- 3 Eeär
- 240 g Botter
- 200 g schwaarze Schockela
- 90 g bringen Zocker
- 50 g Ram
- 350 g Mirabellen

De Bakuewen op 180 °C virhëtzen an e Muffinsblech afetten.

D'Kären aus de Mirabelle raushuelen, an d'Mirabellen a Stécker schneiden.

De Botter an de Schockela an engem Dëppeschmélze loessen. D'Miel an de Bakpolver an enger Schossel mëschen. An enger zweeter Schossel d'Eeär, den Zocker, d'Ram an de Schockelasbotter schaumeg réieren. D'Miel an d'Mirabellen derbäigginn, an alles kuerz réieren.

Duerno den Deeg an d'Muffinsformen afällen, an ongefíer 20 bis 25 Minutte baken.

FRO

Zu wéi enger
Uebstaart gehéieren
d'Rengglotten

?

Schreib Deng Äntwert an d'Rei 7 vum Rätsel op der Säit 30.



Kiischten



De Kiischtebam

... verdanke mir de Réimer. Vu Mee bis Juni ass Kiischtentäit. Do hänken d'Kiischtebeem voller Kiischten, déi némmen drop waarden, gepléckt ze ginn.

Kiischten

Vun dése gesonde Friichten, vun deenen et sauer a séiss Variante ginn, ginn et a Mëttleuropa ongefíeier 28 verschidden Zorten. D'Kiischte si virun allem wéint him Gehalt u Kalzium, Eisen, Kalium a Magnesium gesond.



REZEPT

CLAFOUTIS MATT KIISCHTEN

Dir braucht:

750 g gutt zeideg Kiischten, 100 g Miel, 4 Eeér, 100 g Zocker, 1 Pouz Salz, 250 ml Mëllech

D'Kären aus de Kiischte raushuelen.

D'Miel mat den Eeér, dem Zocker an dem Salz verréieren. E bësse vun der Mëllech derbäigginn, a weider réieren. No a no de Rescht vun der Mëllech dobäi schédden an dann d'Kiischten drënnermëschen. Den Deeg an eng agefett Form vu 25-30 cm Duerchmiesser schédden a bei 200 °C ongefíeier 35 Minutte baken. Duerno Pudderzocker driwwer streeën, a schonns ass de Clafoutis prett.



Déck Nëss

De Nëssert

... gëtt haapsächlech wéint der héijer Qualitéit vum Holz genutzt.

Déck Nëss

Di déck Nëss gehéiere botanesch gesinn zu de Nossfrüchten, an net wéi fréier ugeholl, zum Steenuebst.

D'Nëss gi vu Villercher a klenge Mammen-déiere gäre gefriess, an d'Kréie loosse se aus grousser Héicht op d'Strooss falen, fir se opzebriechen.

Di déck Nëss loosse sech immens gutt lageren, an halen sech, wann se bis gedréchent sinn, Méinte laang.



REZEPT

NËSSBROUT

Dir braucht :

225 g Weessmiel, 225 g Karmiel, 1 Pak Dréchenhief, 1 Zoppeläffel Salz, 100 g graff gehaakten Nëss, 400 ml Kefir (oder Bottermëllech)

D'Miel, d'Dréchenhief, d'Salz an d'Nëss mëschen, di wootlech Flëssegeet derbäi ginn, an den Deeg eng hallef Stonn roue loosse. Den Uewe virhëtzen, eng Form afetten, an den Deeg dra schédden. 20 Minutte laang bei 225 °C, an duerno 20 Minutte laang bei 200 °C baken.

FRO

Wéi heeschen déi aner
Nëss, déi éischter op
engem Strauch wuessen

?



Schreib Deng Äntwert an d'Rei 1 vum Rätsel op der Säit 30.



PLANZEN

E Bongert besteht net n  mmen aus Uebstbeem, mee do wuessen och vill aner Planzen (a Pilzen).

Rout a w  iss Brennnessel

(Taubnessel)

Keng Angscht, d  s Planz ges  t n  mmen op den e  schte Bl  ck aus, w  i eng Brennnessel, mee wann ee m  i genee kuckt, ges  t een, datt d'Z  nn um Rand vum Blat net esou spatz sinn. A wann een se dann upaakt, mierkt een, datt d'Taubnessel, w  i se op D  itsch heesch, "taub" ass, also net brennt. A wann se blitt, ass eng Verwiesslung souwissou ausgeschloss, esou sch  i mof, rosa oder w  iss Bl  ie ginn et bei de Brennnesselen net. An de Bl  ien ass e s  issen Nektar, op deen d'Bommelen an aner w  ell Beie fl  ien. Prob  ier et mol aus: pl  ck eng Bl  i of, a suckel drun. Mmmh!



Brennnessel

D'Brennnessel huet huel Stachelen, wou eng Fl  ssegkeet dran ass, d  i brennt. Wann een d'Planz upaakt, briechen d'Stachelen, an d'Fl  ssegkeet k  nnt op d'Haut, an da brennt et. Hues de scho mol Brennnesselszopp gjess? Dofir muss de am Fr  ijoer eng Tut jonk Brennnessele pl  cken (vergiess net H  andschen unzedoen), a mat enger   nn, enger Gromper a Waasser kachen. D'Zopp brennt dann och net m  i. Mmmmh! D'Brennnessele schmaachen awer och ganz ville P  iperleksraupen: d'Tagpfauenauge, de klenge Fuuss an den Admiral lee  n hir Ee  r op d'Brennnesselen of.



Wondkraut

(Kriechender G  nsel)

D  st Kraitchen heesch "Wondkraut", well et fr  ier benutzt gouf, fir wond Plazen ze heelen.

PLANZEN



Hierschtblumm

(Herbstzeitlose)

Déi schéi Blumm, déi d'Enn vum Summer ukënnegt, ass eng vun de gëftegsten aus eise Wisen. Och d'Kéi loosse se stoen. D'Hierschtblumm blitt Enn August, awer hir grouss Blieder an de Som si réischt am Fréijoer dono ze gesinn.



Klackeblumm

(Glockenblume)



Maargréitchen

(Margerite)



Botterblumm

(Hahnenfuss)

Wann am Fréijoer ganz Wise giel liichten, an et si keng Pissblummen, da sinn et bestëmmt Botterblummen.



Kleng Maargréitchen

(Gänseblümchen)

Déi kleng Maargréitche kennt jiddwereen. Si ass eng vun den éischte Blummen, déi am Fréijoer blitt, a mat déi lescht am Hierscht. Well d'Planz ganz no um Buedem opläit, gëtt se beim Méie verschount. Dofir fénnt een se och heefeg op Wisen, déi méi oft gemeít oder ganz kuerz ofgefriess ginn. Wosst der, datt een se och iesse kann? Awer se schmaacht net besonnesch gutt. Et ass besser der loosst se wuessen, fir datt d'Beien an aner Insekten eppes dovun hunn.

Pissblumm

- (Löwenzahn)
- Wann am Fréijoer ganz Wise giel liichten, da si meeschteens Pissblummen am Spill. Hire Numm hunn d'Pissblummen dohier, well d'Bettseecheschzalot, déi een aus de Blieder maache kann, wéi den Numm et scho seet, genee dat bewierke kann...



Wosst de, datt de Som vun de Pissblumen d'Virbild fir de Falschierm war?

Spatzt Weeblat

(Spitzwegerich)

Wann s de eng rout Brennnessel mat enger richteger Brennnessel verwieselt hues, da sich no dësem Kraut, pléck e Blat dovun, a reif d'Plaz wou et brennt domat an. Frëscht

Weeblat hëlleft och wann s de vun enger Moustique oder enger Bei gepickt gi bass. Gedréchent, als Téi, wierkt et géint Houscht an Halswéi.



Gras

... ass net gläich Gras. An enger natierlecher Wiss wuessse bis zu 20 Grasaarten, déi net némme ganz énnerschiddlech ausgesinn, mee och énnerschiddlech Eegeschaften hunn. Dat wëssen och all déi, déi den Heeschnapp hunn, well se net op all Grieser allergesch sinn. A bestëmmt schmaachen se och verschidden, soss géifen d'Kéi net dat eent léiwer friesse wéi dat anert.

Wéinst hirem Nährwäert ginn oft némme ganz bestëmmten Aarte ge- seit. Op intensive Wisen, déi oft geméit ginn, wuessen dowéinst némmen nach 2 bis 3 Aarten. Gutt fir den Heeschnapp, awer schued fir d'Biodiversitéit, besonnesch fir all déi Déieren, déi aarteräich Blummewise brauchen. Hatschi!



Gunnelrief

(Efeu-Gundermann)



Bamschwamm

(Baumpilze)

Um Enn von hirem Liewe ginn déi al Uebstbeem oft vu Bamschwämm befall. D'Schwämm ernähren sech vu verschiddene Bestanddeeler vum Holz, haapsächlech vun der Zellulos. Doduerch gëtt d'Holz brécheg. Wann s de also esou e schéine giele Schwefelporling gesäis, hues de besser e grousse Bou ronderëm dee Bam ze maachen, well dee jidderzäit émfale kann.



PLANZEN



Geckege Kléi
(Hopfenklee)



Roude Kléi
(Rotklee)



Mëspel

(Mistel)

Nieft enger Rei vu geheimen Elementer ass d'Mëspel den Haaptbestanddeel vum Asterix sengem Zauberdrank. Fir Mëspel ze plécken, muss net némmen de Miraculix op d'Beem klammen.

Dëse klenge Strauch wissst als Parasit an de Kroune vun de Beem, besonnesch vun den Uebstbeem. Mat senge Wuerzelen, déi wäit an d'Holz vun de parasitéierte Beem erareechen, klaut en hinnen d'Waasser a d'Nährstoffer. De Som vun der Mëspel gëtt vun der Mëspeldréischel verbreet. Dëse Vull frësst déi kleng Friichten an hannerléisst den onverdaute Som op den Äscht vun anere Beem, wann en hin an hier flitt.



Dausendblietchen
(Schafgarbe)



Wäiss Bettstréi
(Wiesen-Labkraut)




Huesepättchen
(Hornklee)



Wosst du schonn, dass an enger aarteräicher Wiss méi wéi 30 verschidde Planze wuessen?

Dës vill Grieser a Blummeebidde vill Fudder fir Insekten, wéi Beien a Päiperleken. A wou vill Insekte sinn, sinn och vill Insektefrësser, wéi Igelen, Vullen a Fliedermais.



FRO

Wéi eng Blumm blitt eréischt um Enn vum Summer, an ass déi gëftegst an eise Wisen

?

Schreib Deng Äntwert an d'Rei 2 vum Rätsel op der Säit 30.



DÉIEREN

De Bongert ass lieweg. Am Buedem, an iwwert dem Buedem,
do fille sech d'Déieren doheem.



Mauswisel



Grousse Wisel

De grousse Wisel oder Hermelin ass e Koseng vum Marder. En ass duebel sou grouss wéi de Mauswisel, an awer dënn genuch, fir an énnerierdesche Gäng op Wullmaisjuegd ze goen. Säi Pelz ass am Summer brong, an am Winter schnéiwäiss, mat enger schwarzer Schwanzspëtz (Kinneksmantel).



Fliedermaus

D'Fliedermaus frësst Insekten a freet sech iwwert dat gutt lessen an déi vill Stoppen am alen Holz. Iwwert d'Hallschent vun de Fliedermaisaarte verbrënngen de Summer gär an ale Bongerten. D'Fliedermais maachen am Däischtere Juegd op Insekten. Dofir stoussen se hell Téin aus, déi op den Insekten ofprallen, an dann zeréckkommen.



Igel oder Kéisécker

Och de Kéisécker frësst keng Äppel a Bieren, mee némme Schleeken, Schwéngercher, Raupen a Kiewerleken, déi do énnerwee sinn. Wann s de owes en haart Geschnof-fels am Bongert héiers, kann et gutt sinn, datt dat en Igel ass, dee mat Hëllef vu senger Nues no Fudder sicht. Am Hierscht sammelt en sech esou déi Fettreserv un, déi e braucht, fir säi Wanterschlof ze iwwerliewen. Wann et da kal gëtt, da verkraucht de pickege Gesell sech énnert en décke Koup Blieder oder Äscht, säin Häerz schléit ganz lues, an en otent némmen nach ee bis zwee mol d'Minutt.



Weess de iwwregens, wou den Numm Kéisécker hier kënnt?

Fréier hunn d'Leit geduet, d'Igele géingen nuets op der Wiss un de Kéi hiren Auderen drénken (sécken). Dobäi ass Mellech guer net gutt fir d'Igelen.



D'Uebstrat

(Gartensiebenschläfer)

...ass keng Rat, awer grad wéi d'Raten, en Nagedéier. Den aneren Numm "Gaardeschléifer" kënnnt dohier, datt dëst Déierchen e laange Wanterschlof mécht. Bal 6 Méint, vun Oktober bis Mäerz, schléift d'Uebstrat an enger Hiel, gutt zougedeckt mat hirem Schwanz.



De laange buuschtege Schwanz ass och eng gutt Hëllef, fir beim Kloteren an Turnen duerch d'Beem d'Gläichgewiicht ze halen. A wann eng Eil oder e Marder sech de Schwanz krope wëll, geet den hënneschten Deel vun der Haut vum Schwanz lass, an d'Uebstrat ka séier fortlafen.

Uebstrate sinn nuets ännerwee. Da friessen se awer guer net sou vill Uebst, mee vill léiwer all dat klengt Gedéiesch, wat et sou am Bongert gëtt: Schleeken, Dausendféisser, Kiewerleken, an aner Insekten.

Spätzmaus

D'Spätzmaus ass eigentlech guer keng Maus, mee eng Kusinn vum Igel, a grad wéi hien, en Insektfrésser. Wou et genuch Insekte ginn, wéi an engem gutt erhalene Bongert, ginn et och



Spätzmais. Zum Gléck, well sou een Déierche frësst all Dag esou vill wéi et weit. Dat sinn den Dag ongefíer 20 Kiewerleke manner; déi um Uebst oder un de Bamwuerzele knabberen.

Bei der Juegd verléisst d'Spätzmaus sech op hir laang Nues, mat där se hir "Affer", ähnlech wéi den Igel erschnoffelt. Se huet awer net némmen eng spatz Nues, mee och spatz Zänn, wéi den Igel an de Maulef. A mat de Fliedermais deelt se d'Fähegkeit, fir sech iwvert d'Ghéier ze orientéieren. Vlät piipse gefaange Spätzmais dofir sou opgereegt.



Feldmaus

Déi bekannteste lëtzebuerger Feldmaus ass d'Maus Ketti* vu Biermereng.

Hir Geschicht kennt dir bestëmmt:

D'Maus Ketti lieft an einfache Verhältnisser an engem Feld bei Biermereng. Enges Daags kritt se Besuch vu hirer Kusinn Mim aus Clausen. Net ganz begeeschert vum Ketti sengem lessen, fänkt d'Kusinn Mim un vu leckerem lessen aus der Stad ze schwäermen. D'Mim luet d'Ketti an, mat an d'Stad ze goen. Do schläiche si sech an en Haus eran, a falen iwvert e voll gedeckten Dësch hier. Op eemol awer kënnnt de Kueder Tunn mat senger Fréindin. Fir si sinn eis zwou Mais eng Delikatess a si probéieren, dës ze fänken. D'Ketti an d'Mim kënnne sech retten, mee d'Maus Ketti ass vu lauter Angscht direkt rëm heem op Biermereng gaangen.



Moral vun der Geschicht: léiwer féiert d'Maus Ketti méi en einfach Liewen, mat einfachem lessen, wéi all Dag lessen am Iwwerfloss ze genéissen, an awer dauernd Angscht ém hiert Liewen ze hunn.

*D'Maus Ketti ass wuel déi bekanntste Geschicht vum Lëtzebuerger Schrëftsteller Auguste Liesch.

Wullmaus

Anesch wéi d'Haus-, d'Bësch- an d'Feldmaus, huet d'Wullmaus e kuerze Schwanz an e kompakten, walzförmege Kierper, mat deem se sech duerch de Buedem wüllt op der Sich no allerlee Wuerzelen.



Leider gehéieren d'Wuerzele vun de jonken Uebstbeem zu hirem Liblingsmenu. Dowéinst ass d'Wullmaus mat hire ville Kanner am Bongert guer net gär gesinn.



Dréihälschen

(Wendehals)

Den Dréihälschen huet eng laang, pecheg Zong, mat där en am léifste Seechomesse frësst. Säin Nascht mécht en an d'Hiele vun ale Beem. Den Numm "Dréihälschen" kënnt dohier; well e bei Gefor de Kapp opfälleg hin an hier dréit.



Steekauz

Déi klengst vun eisen Eile mécht hiert Nascht an den Hiele vun alen Uebstbeem. Op der Wiss, ènnert de Beem, geet se nuets op d'Juegd op Insekten, wéi Kiewerleken an Heesprénger, awer och op Reewiern. Dobäi ass se oft zu Fouss énnerwee, a kann erstaunlech séier lafen.



**Wosst de schonn...
...datt de Steekauz op der griichescher
1-Euro-Mënz ze gesinn ass?**

Hien ass d'Symbol vun der griichescher Göttin Athene, a war dofir schonn op den antike griichesche Mënzen ofgebilt. Dohier kënnt d'Spréchwuert "Eulen nach Athen tragen".

DÉIEREN



Jackert

(Wacholderdrossel + Misteldrossel)



Schielmees

(Kohlmeise)



Gréngespiecht

Hien huet eng laang Zong, an en haarden,
spatze Schniewel, mat deem e Lächer an
d'Holz mécht.

Hien frësst d'Seechomessen, déi an der Wiss
an an de Beem hir Näschter hunn.



Gaarderoutschwanz
(Garten-Rotschwanz)

Spréif

(Star)



D'Spréiwe sinn net gär gesinn an de
Bongerten, well se am léifste Kiischten
an Äppel friessen. Bei enger Spréif
wär dat jo net esou schlëmm, mee
d'Spréiwe si meeschtens a grousse
Schwäerm énnerwee.

FRO

Wéi kann een den Igel
nach nennen?

?



Schreib deng Äntwert an d'Rei 3 vum Rätsel op der Säit 30.

Schiedlech oder nützlich ?

Verschidden Déiere gëllen als schiedlech, well si eis Beem, an och d'Uebst schiedegen.

Hei e puer Beispiller vu schiedlechen Déieren am Bongert:

den Apfelwickler: dëse Mued frësst um Apel.

d'Lais: si suckelen un de Blieder an um Holz.

de Frostspanner: dës Raup frësst um Blat an un de Bléien.

Apfelwickler



Frostspanner



Lais



Eng Méiglechkeet, fir dës schiedlech Déieren a Schach ze halen, ass fir hir "Feinden" ze férderen. Dës Géigespiller nennt een "nützlich Déieren". Mir hëllef en hinnen, andeems mir hinne Méiglechkeiten ubidden, fir ze lieuen an Nowuess ze kréien.

FRO

Wat ass de Fliedermais
hier Liblingsiessen

Schreib deng Äntwert an d'Rei 3 vum Rätsel op der Säit 30.



D'Vullen

Si friesse Raupen a Mueden.

Eis Hëllef: Vullenhaisercher ophänken.



D'Himmelsdéiercherslarven an d'Ouereschlüffer

Si friesse Lais.

Eis Hëllef: Naschtkëschten ophänken.



D'Runnen

Si friessen Insekten.

Eis Hëllef: Këschten fir d'Runnen ophänken



D'Fliedermais

Si friessen Insekten.

Eis Hëllef: Fliedermaiskëschten ophänken.




D'Gräifvullen

Si friesse Mais.

Eis Hëllef: Sätzstangen opstellen.



- Wosst de
- schonn, dass
- een Himmels-
- déierche bis
- zu 150 Blat-
- lais den Dag
- friesse kann ?



Waat as en Insekt ?

De Kierper vun engem Insekt setzt sech zesummen aus engem Kapp, der Broscht an dem Hannerleif. Un der Broscht sätzen dräi Puer Been.

Hei si just e puer Insekten, déi mir iech wollte virstellen, an déi an de Bongerte liewen.



Wëll Bei

Si ass zwar Famill mat der Hunnegbei, mee si énnerscheet sech an hirem Ausgesinn an hirer Liewensweis staark vun hir. Et ginn ongeféier 500 Aarte wëll Beien, a si liewe meeschtens eleng.

Bommel

E gehéiert zu de wëll Beien, an huet e Stachel fir sech ze verteidegen. Zu engem Bommelevollek gehéieren eng Kinnigin, Aarbechterinnen, Dronnen an déi jonk Kinninnen. D'Bommele liewen némmen ee Summer.



Runn

Si ass déi grouss Kusinn vun de Beien. D'Runne bauen hir Náschter gär an d'Hielen am Holz. Keng Angscht! Si picken némme wann et muss sinn, an hiert Géft ass net méi schlëmm, wéi dat vun den Harespelen.



Himmelsdéierchen

D'Himmelsdéierchen ass wuel ee vun de bekanntste Kiewerleken, dat, esou wéi seng Larven, Blatlais frësst, an duerfir och ganz gären am Gaart gesi gétt. Et gi verschidden Zorten, déi sech dorunner énnerscheeden, dass se énnerschiddlech vill Punkten op de Flilleken hunn. Et ass also net esou, dass d'Punkten engem verrode wéi vill Joer d'Himmelsdéierchen huet! En Himmelsdéierche gétt ongeféier ee Joer al.



Ouereschlüffer

Den Ouereschlüffer ass e Kiewerlek, deem seng Haaptmoolzucht aus Blatlais besteet. Hien verstoppert sech gären énnert Steng an Holzstécker an a Bamhielen.



FRÖ

Wéi vill Been huet
en Insekt

?

Schreib Deng Äntwer an d'Rei 4 vum Rätsel op der Säit 30.



Hunnegbei



Si ass eent vun de wichtegsten Notzdéieren op der Welt.
Si mécht awer net némmen Hunneg: ouni d'Bei wär et an
eisen Uebst- a Geméisregaler zimlech eidel.



De Beien hu mir ze verdanken, datt mir genuch Uebst kréien. Andeems si vu Bléi zu Bléi fléie fir den Nektar ze sammelen, bestäuben a befruchten si d'Bléie vun de Planzen, fir datt sech eng Fruucht doraus kann entwéckelen.

An engem Vollek wunne bis zu 80 000 Beien. E Beievollek besteht aus Aarbechterinnen, enger Kinnigin an Drohnen, a jiddereen huet eng genee Aufgab.

D'Aarbechterinnen

D'Aarbechterinne fänken als Botzbeien un, andeems si d'Wabe propper halen. Spéider versuergen se dann d'Larve mat Nahrung, an duerno bauen se selwer d'Waben, ier se Wiechterinne bei der Entrée ginn. Am Alter vu 22 bis 40 Deeg fléien se schliisslech eraus op d'Wisen, a sammele Pollen a Nektar.



INSEKTEN



D'Drohnen

D'Drohne fléie mat der Kinnigin op den Hochzäitsflug, wou si sech mat hir pueren. Duerno stierwen si.

D'Kinnigin

D'Kinnigin ka bis zu 2000 Eeër den Dag leeën. Dat sinn an hirem ganze Liewen ongefíer 2 Milliouenen. Si entscheet, ob si Eeër déi befrucht sinn an d'Wabe leet, wourauser sech Aarbechterinnen oder Kinniginnen entwickelen, oder ob si Eeër déi net befrucht sinn dra leet, wourauser sech Drohnen entwickelen.

Wann aus den Eeër Kinniginne sollen entstoën, da ginn d'Eeër a méi grouss Wabe geluecht, a si gi mat engem spezielle Stoff, der „Gelée royale“ gefiddert.

Wann eng oder méi Kinniginnen aus den Eeër erauskommen, da flitt déi al Kinnigin mat ongefíer der Hallschent vun de Beie fort, a grénnt e neit Vollek. Déi nei Kinniginne fléien op den Hochzäitsflug, a puere sech mat den Drohnen. Duerno kénnt just nach eng vun hinnen zeréck an de Beiestack, an ass déi nei Herrscherin vum Beievollek.

Hiert Doheem maache si sech selwer. Si produzéiere Wuessplacken, déi vun uewen no énnen hänken, an déi aus sechseckege Wabe bestinn. An deene Wabe leet d'Kinnigin hir Eeër of. Do entwickelen sech d'Larven, an et gi Reserven drageluecht.



**Wosst de schon
dass d'Beien
och danzen ?**

Domat deelen si deenen
anere Beie mat, wou
Fudderplanzen ze fanne sinn.


Wéi eng Insekten befruchten eis Uebstbeem ?

Niewent den Hunnegbeie können awer och aner Insekten eis Uebstbeem befruchten:

- d'Bommelen
- d'wëll Beien
- aner Insekten, z.B. Kiewerleken

D'Hunnegbeie bauen hir Waben aus Wuess, d'Bommele maachen hir Buedemnäschter a verloosse Maislächer, déi se mat Déierenhoer, Fiederen a Moos auspolsteren.

D'Harespelen an d'Runne maachen hir Näschter, déi ausgesinn, wéi wann se aus Pabeier wären, meeschten a Bamhielen. Fir se ze bauen, zerknaen dës Insekten aalt Holz a bauen domadder e pabeierähnlecht, ronnt Nascht.



FRO

Wéi geseit de Runnen
an den Harespelen
hirt Nascht aus

Schreib deng Äntwert an d'Rei 6 vum Rätsel op der Säit 30.



D'wëll Beie liewen net an engem Vollek, mee eleng. Hiert Ee leeën si an huel Hällem oder a Lächer am Holz, wou si niewent dem Ee och lessreserven uleeën, an dann d'Lach matt Lehm, Pollen oder Holzfaseren zoumaachen. Duerno kucken si net méi nom Ee. Aus dem Ee kënnt eng Larv eraus, déi sech vun den lessreserven ernährt, an dobäi déck a ronn gëtt. Da verpoppt se sech, a verléisst no enger Zäit hiert Lach fir fort ze fléien.



Päiperleken



Klenge Fuuss

De klenge Fuuss ass ee vun den heefgeste Päiperleken. Seng Raupe friessen némme Brennnesselen.



Apfelwickler

Den Apfelwickler lieft iwwerall do, wou Äppel sinn. Hien ass e Nuetspäiperlek, a flitt vu Mee bis August. Seng Larve friessen sech an d'Äppel eran, esou datt d'Äppel dono net méi z'esse sinn.




Admiral

Den Admiral gesäit een um Enn vum Summer oft um zeidegen Uebst, (Biren, Quetschen, asw.), an hie bleift am Bongert bis spéit an den Hierscht eran. Mat der banneschter Säit vu senge Flilleke kann hien sech esou gutt tarnen, dass een hien, wann e mat zoue Flilleken op de Bamstämm sätzt, net erkennt.



Zitrounefalter

Hien ass am Fréijoer ee vun den éischten énnerwee. De Männche gesäit een am beschten, well en zitrounegiel ass.



Tagpfauenauge

Dëse Päiperlek huet op senge Flilleken en Zeechen, dat un en An erénnert, an dat him soll héllefen, wann hie géing ugegraff ginn. Seng Raupe liewen haapsächlech op de Brennnesselen.



De Yuppi Léierpad Wou, wat, wéi ?



De Cactusbongert zu Ettelbréck


Du bass jo elo vill iwwert de Bongert an all seng Matbewunner gewuer ginn. Dofir weess du och, datt mir dësen eenzegaartege Liewensraum mat senge Planzen an Déieren onbedéngt schütze mussen.

Zesumme mat natur&ëmwelt énnerhält de Cactus zu Ettelbréck um Ditgeshaff de Cactusbongert op eng natierlech Aart a Weis, an huet e flotte Léierpad op d'bee gestallt. Méi Infoe fannt dir op www.cactus.lu.



Dësen Naturentdeckungspad vum Yuppi erméiglecht et iech, de Bongert konkret ze erliewen. De Yuppi erzielt iech um Wee eng Geschicht.

CACTUSBONGERT




De Yuppi an d'Amelie

Am Cactusbongert wunnt nämlech dem Yuppi seng Fréndin, d'Amelie, eng Bei. De Yuppi wëllt d'Amelie besiche goen. Wéi hie beim Beiestack ukënnt, ass do grouss Opreegung, well de Beien hiren Hunneg geklaut ginn ass. Elo mécht hien sech mat all de Beie vum Stack op d'Sich nom Déif. An d'Kanner dierfen hëllefen den Déif ze fannen. Wien soll dat wuel sinn?

D'Amelie, d'Anouk, d'Anna, an all d'Beie gi mam Yuppi duerch de Bongert, an entdecken elauter spannend Saachen iwwert d'Beien an déi aner Déieren am Bongert, d'Uebst am Bongert, d'Bongertwisen, d'Liewen am Weier an d'Aarbechten am Bongert. Hei gëtt et esou vill ze entdecken an och ze léieren.

Vill Spaass !




A fir déi, déi méi wäit ewech vun Ettelbréck wunnen oder ouni Auto wëllen e flotten Ausfluch maachen, ee klengen Tipp: mam Zuch kommt Dir ganz einfach op d'Ettelbrécker Gare, an dann ass et och net méi wäit bis bei den Dígeschaff.

CFL


Mir léisen op !

Wann s du d'Léisungswieder richteg agedroen hues,
gesäis du wien am Bongert an ale Bamhiele lieft.




1. Hiesehesss, 2. Hiereschtblumm, 3. Kéisecker, 4. Sechs, 5. Insekten, 6. Padbeier, 7. Steenuebst, 8. Viz

Mir bauen eng Wunneng fir d'wëll Beien !






Dofir brauchs du:

- gedréchente Schilf
 - e Secateur oder eng kleng See
 - e Stéck Rouer: 10 cm Duerchmiesser a ± 12 cm laang
 - eng Schnouer oder dënnen Drot
- Schnet d'Stiller vum Schilf a ± 12 cm laang Stécker, a stell se an de Rouer, bis dass dee ganz voll ass. Bann dann d'Schnouer oder den Drot ronderëm, a färdeg ass d'Wunneng fir d'wëll Beien.



Mir mole faarweg !

All Faarf huet e Muster. Fann di verschidde Musteren op de Päiperleken erëm, a mol se mat der richteger Faarf aus. Elo gesäis du, wéi schéin d'Päiperleken iwwert d'Wise fléien.



IMPRESSUM

TEXTER A KONZEPT:

Sonnie Nickels, biologiste, natur&ëmwelt
a.s.b.l.

Mat der Hëllef vum Claudine Felten,
ingénieur forestier, natur&ëmwelt Fondation
Hëllef fir d'Natur

KOORDINATIOUN:

natur&ëmwelt Fondation Hëllef fir d'Natur:

- Gilles Weber, directeur
- Brigitte Michaelis, relations publiques et
fundraising

FOTOEN:

Guy Conrady, Tom Conzemius, Richard
Dahlem, Claudine Felten, Roland Felten,
Birgit Goedert-Jacoby, Raymond Gloden,
Carlo Karier, Sonnie Nickels, Dietmar Nill,
Rainer Schubert, activités-nature, Foto-
lia, natur&ëmwelt, pixelio: Makrodepecher,
Susanne Schmich, Samy13, Stella, Frank
Hollenbach, M. Großmann, Gischott, Radka
Schöne, A. Wedel, Luise, Lutz Schneider,
Erich Westendarp, Angelika Wolter
commons.wikimedia.org
Fotolia

ILLUSTRATIOUNEN:

Createam s.a., Radar, Fotolia

LAYOUT, GRAFIK A SAZ:

Createam s.a.

Editioun Cactus s.a. Mäerz 2016

All Rechter reservéiert.

www.cactus.lu

www.naturemwelt.lu

Dës Broschür gouff réaliséiert an Zesummen-
arbecht mat natur&ëmwelt Fondation Hëllef fir
d'Natur

